

ausgeschafft, deen zur Zefriddenheet zum eGovernment steet. Dat wëllt soen, de Kadaster ass méi no dem Bierger komm an de Bierger méi no dem Kadaster, an domadder geet déi optimal Kontinuitéit vun dëser wichteger Verwaltung fir eis all weider.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Madame Doerner, dat war ganz interessant. Nächste Riedner ass den Här Charles Goerens.

■ **M. Charles Goerens (DP).**- Här President, mir hunn elo genuch Argumenter héieren, firwat datt mer fir dee Projet de loi do kënnen stëmmen, dofir bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun.

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Goerens. Nächste Riedner ass den Här Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Roger Negri (LSAP).**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur, oder de Rapporteur, Merci soe fir hiren excellente schréfftlechen a mëndleche Rapport am Numm vun eiser Fraktioun.

Wéi d'Gesetz, dat mir haut amendéieren, virun dräi Joer zur Debatt stoung, hat eis Fraktioun deemools ferme Bedenken zum Ausdrock bruecht iwwert déi reell Avantagen, déi eng Libéralisatioun, beziehungsweise eng Privatisatioun an dësem Beräich géng bréngen. Ceci étant dit, d'Gesetz vum 25. Juli 2002 ass nun eemol do a mir mussen dat Bescht doraus maachen. A wann d'Besoinen nach ëmmer déiselwecht sinn, notament wat d'Délais d'évacuation vun den Dossierë betrëfft, musse mir elo kucken alles an d'Weeër ze leeche fir schnellstméiglech eng genügend héich Unzuel vu Geometere auszubilden an domadder d'Administratioun bei der Ausféierung vun hire Missiounen ze ënnerstëtzen.

Wat de Problem vun der Unzuel vun de Stagiäre betrëfft, dee souwuel vun der Chambre des Fonctionnaires wéi och vum Statsrot ënnerstrach ginn ass, huet d'Kommissioun schonn drop higewisen, dass eng Limitation express net néideg ass, vu datt de Règlement grand-ducal vum 16. Abrëll 2003 d'Zuel vun de Geometere, déi an enger Sessioun zouläseg sinn, festleet. Wat d'Rémunératioun ubelaangt, si mir och der Meinung, dass eng Indemnisation appropriéiert ass. Natierlech muss se awer och esou festgeluecht ginn, datt de Privatsektor net konkurrenzéiert gëtt.

Domadder ginn ech den Accord zu dësem Projet am Numm vun eiser Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Negri. Elo ass et nach um Här Gibéryen.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur an der Madame Doerner Merci soe fir déi gutt Explikatiounen, déi si eis iwwert déi ganz Geschicht an Entwécklung hei ginn hunn.

Ech mengen, mir waren och deemools mat deem Projet averstanen, wéi mer am Fong de Beruff vum Geometer liberaliséiert hunn. Mir hunn haut déi fräischaffend Geometere an déi amtlech Geometere, a villes ass an der Zwëschenzäit och an där Richtung geschitt. Dëse Projet féint selbstverständlech eis Zoustëmmung, a mir wiere selbstverständlech och frou, wann dat Ganzt géif dozou bäidroen, datt mer déi Retarden, déi trotzdeem nach bestinn, kéinte lues a lues opschaffen.

Mir wieren och frou, wa mer vläicht nach e bësse méi Transparenz an d'Verwaltung géifen erakréien, well

een dach awer ëmmer nach d'Gefill huet, datt d'Gemengen zum Beispill, wa se Demandé maachen, méi lues beaarbecht ginn an ënert de Koup kommen, fir ausmoossen ze kommen, wéi wann dat zum Beispill Privatpromoteuren oder aner Leit sinn, déi hir Terrainë gären ausgemoozt hätten. Dofir wiere mer frou, wann do e bësse méi Transparenz géif drakommen.

Wat d'Madame Doerner gesot huet vun där neier Moosnam, duerch déi alles informatiséiert ginn ass, begreisse mir; doduercher mengen ech ass och e gudd Fortschritt gemaach ginn. Do ass et och de Gemengen an Zukunft méiglech, wa si sech selwer déi Méiglechkeeten an de Gemengen, wat d'Informatik ubelaangt, ginn, och an Zukunft den direkten Zougrëff kënnen op dee System ze kréien, wat mengen ech och eng gutt Moosnam ass. Dofir, wéi gesot, mir hunn an deem heiten Domän an där Verwaltung vill Guddes geschafft an deene leschte Joren. Dofir ass et och selbstverständlech, datt mer d'Zoustëmmung zu dësem Projet wäerte bréngen.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Gibéryen. Elo huet nach d'Regierung d'Wuert. Här Minister, wann ech gelift.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här President, ech sinn erstaunt, datt eng Verwaltung an d'Efforten, déi mer gemaach hunn, fir déi Problemer ze léisen, hei esou e Secours kritt. Ech soen am Numm vun all deenen, déi do schaffen, selbstverständlech Merci.

Mir haten a mir hunn nach ëmmer Retardé bei der Iwwerschreiwung vun den Notärsakten. Virun dräi Joer hate mer ronn 130.000 Akten, déi nach net iwwerschriwwen waren. Ech hunn doropperhin d'Décisioun geholl, fir ënnert der Kontroll vum Kadaster een Deel vun der Aarbecht vun deem Retard ze sous-traitéieren un Experten, déi eis dobäi gehollef hunn, niewent dem Effort an der Informatisioun. Ech hunn elo d'Hoffnung, datt mer bis Enn des Joers vun dësem Joer all déi Retardé bei der Iwwerschreiwung vun den Notärsakten opgeholl hunn. Mir si gutt bäikomm. Wéi gesot, et bleiven nach e bësse Retarden an e puer Problemer. Mä wéi gesot, ech hunn d'Hoffnung, datt mer bis Enn des Joers déi Retarden opgeholl hunn.

Och bei de Mesuragen, also bei der Grenzvermoossung, mengen ech och kënnt dat heiten hëllefen. Esou datt mer och do Problemer, déi mer nach hunn, léise wäerten. Ech mengen, Problemer soll een net verkennen, an op der richteger Schinn sinn. Dofir kënnen déi Moosnamen, déi mer hei haut hunn, déi complémenteaire sinn zu deenen, déi mer an der Vergaangenheet hunn, déi hei in extenso esouwuel vum Rapporteur, dem Här Clement, wéi vun anerem Orateurë gesot gi sinn, dozou bäidroen, datt dëse wictege Betrib, deen awer mat ganz ville Leit effektiv ze doen huet, déi Erwaardunge kann erfëllen, déi e muss.

Ech soe Merci.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5166.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5166 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Ali Kaes), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis,*

*Patrick Santer (par M. Lucien Thiel), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Fred Sunnen (par M. Marcel Sauber), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers) et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);*

*MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro (par M. Romain Schneider), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir gi weider an eise Ordre du jour vun haut a mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5306 iwwert d'Assuranceprimen, an och do hu mer den Här Lucien Clement stellvertriedend fir den Här Rapporteur Norbert Hauptert. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

## 9. 5306 - Projet de loi concernant l'assistance administrative entre les États membres de la Communauté européenne en matière de taxes sur les primes d'assurance

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

■ **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur, en remplacement de M. Norbert Hauptert.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun der Bekämpfung vun der internationaler Steuerhannenzéierung sinn an der Vergaangenheet eng Rei Direktive geholl ginn iwwert déi géigesäiteg Ennerstëtzung vun de kompetenten Administratiounen an deenen eenzelne Länner vun der EU.

Et geet hei, Här President, esouwuel ëm déi indirekt wéi och ëm déi direkt Steieren. Dës Direktive si selbstverständlech och an déi national Gesetzter ëmgasat ginn. Esou hu mer zwee Gesetzter, déi dës administrativ Assistance virgesinn: d'Gesetz vum 15. Mee 1979 iwwert d'Ennerstëtzung a Saache vun den direkte Steieren an d'Gesetz vum 4. Juni 1981 iwwert d'Assistance a Saache vun der TVA. Dës zwee Gesetzter decken eng eenzeg Direktiv of, an zwar d'Direktiv 77/799/CEE, déi duerch d'Direktiv 79/1070/CEE komplettéiert gouf.

De 7. Oktober 2003 huet de Conseil vun der Europäescher Unioun e Règlement geholl, dat déi administrativ Kooperatioun tëscht de Länner am Domän vun der TVA nach verstärkt. Duerch dëst Règlement, wat direkt an alle Länner applikabel war, huet d'Gesetz vum 4. Juni 1981 u sech keng

Daseinsberechtigung méi. Parallell dozou huet de Conseil eng Direktiv adoptéiert, déi d'Assistance vun deene jeeweilege Verwaltungen, déi an der Direktiv vun 1977 virgesinn ass, op de Recouvrement vun Taxen op de Versécherungsprimen ausdehnt.

Den Objet vum Projet 5306 ass deen, fir déi Direktiv an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung ëmzesetzen. D'Regierung hat do en Text proposéiert, dee sech wäitgehendst un déi bestehend Gesetzter, wat déi administrativ Assistance ubelaangt, ugelehnt huet. Si hat och virgesinn, datt d'Gesetz u sech scho sollt den 1. Januar 2004 a Kraaft trieden.

De Statsrot huet awer a sengem Avis gemengt, datt déi nei Direktiv u sech näischt anescht géif verlaangen, wéi dat bestehend Gesetz iwwert d'administrativ Ennerstëtzung a Saachen TVA ze abrogéieren an en neien Dispositif légal, deen d'Assistance vum Recouvrement vun den Taxen op de Versécherungsprime mat virgesäit, aplaz ze setzen.

Ausserdeem huet de Statsrot eng formell Oppositioun gemaach, wat d'Retroaktivitéit vum Gesetz op den 1. Januar 2004 ubelaangt. De Conseil d'État huet dunn en neien Text proposéiert, deem d'Finanz an d'Budgetkommissioun sech no Réckprooch mat der Regierung uschlësse konnt. Déi eenzel Chambre vun der Agrikultur, vum Travail, vun de Statsbeamten, vum Commerce a vum Handwierk hunn ebenalls hiren Accord zu dësem Projet ginn.

D'Kommissioun huet de Rapport zu dësem Projet an hire Sëtzunge vum 24. Februar 2005 analyséiert an och unanime ugehall. Si schléit der Chamber dofir vir den Text, esou wéi en hei virläit, ze stëmmen.

Ech wëll dann nach zum Schluss den Accord vun der CSV-Fraktioun bréngen an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Clement. Ageschriwwen ass den Här Charles Goerens.

**Discussion générale**

■ **M. Charles Goerens (DP).**- Ech wëll nëmme just soen, datt och meng Fraktioun dee Projet do stëmmt.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Goerens. Nach ageschriwwen ass den Här Negri. Dir hutt d'Wuert, Här Negri.

■ **M. Roger Negri (LSAP).**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur nach eng Kéier och Merci soe fir den excellenten schréfftlechen a mëndleche Rapport.

Dëse Gesetzesprojet situéiert sech am Kader vun der administrativer Kooperatioun zwëschent den EU-Memberstaaten am Beräich vun den direkten an indirekte Steieren; eng Kooperatioun, déi schonn am Dezember 1977 am Kader vun deene sou genannte 77/779/CEE-Direktiven instituéiert ginn ass. Am Artikel 1 gëtt dës Assistance administrative fir d'Taxen op d'Assuranceprimen agefouert an domadder déi europäesch Direktiv vum 7. Oktober 2003, déi d'Ausweitung vun der administrativer Kooperatioun am Beräich vun den direkten an indirekte Steiere virgesäit, an national Recht ëmtransposéiert.

Den Artikel 2 vum Projet, deen lech hei virläit, beschränkt sech dorop déi zwee Gesetzter ze abrogéieren, déi bis elo d'Assistance an d'Coopération administrative am Beräich vun der TVA réglementéiert hunn, an zwar d'Gesetz vum 4. Juni 1981 an dat vum 23. Dezember 1992. Dës Gesetzgebung ass also net méi néideg, vu datt d'Coopération en matière de TVA am europäesche Règlement 1798 vum 7.

Oktober 2003 festgeluecht ginn ass an datt esou e Règlement net transposéiert muss ginn, mä direkt an all sengen Elementer um nationalen Niveau applizéiert ka ginn.

Domadder ginn ech am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu dësem Projet a soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Negri. Elo huet eis Regierung d'Wuert. Här Minister, mir haten lech bal verluer. Mä huet d'Regierung näischt méi dozou ze soen?

**(Négation)**

Dann ass d'Diskussioun elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5306.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Ali Kaes), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers) et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);*

*MM. Marc Angel (par Mme Lydie Err), Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro (par M. Romain Schneider), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner (par M. Charles Goerens);*

*MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen un den nächste Projet de loi vun haut. Dat ass de Projet 5298 iwwert d'Régimes douaniers. De Rapporteur vun dësem Projet ass den honorablen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

## 10. 5298 - Projet de loi portant approbation du Protocole d'amendement à la Convention internationale pour la simplification et l'harmonisation des régimes douaniers, fait à Bruxelles, le 26 juin 1999

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

■ **M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Douaneskontrollen an -tariffer spillen haut eng eminent wichteg Roll am internationalen Handel an duerfir



bleiwen och verschidden Douanesregimer net ounl Incidence op d'Kompetitivitéit vun deene verschiddenen Acteuren.

D'Konventioun vu Kyoto hat als Objektiv d'Harmoniséierung an d'Vereinfachung vun den Douanesprozeduren an dës Konventioun ass de 25. September 1974 a Kraaft getrueden. Duerno ass et no enger laanger Viraarbecht vu véier Joer zu enger Iwwerschaffung vun dëser Konventioun komm, déi sech erëmfonnt huet an enger neier Konventioun vun 1999 vu Bréissel.

Firwat ass dës nei Konventioun noutwendeg ginn? Éischstens, well et ëmmer zu méi engem grouss Wuesstum an den internationalen Transportbeweugunge komm ass. Zweetens, well et och wichteg gëtt, eng Verbesserung vun de Kontrolltechniken am Douanesberäich ze erlaangen. Dann dréttens och fir d'Evolutioun vun den Informatiounstechnologien an dës Prozeduren anzebauen, a véiertens, well och dat kommerziellt Emfeld sech ëmmer méi verschäerft huet.

Haut solle mer also duerch dat Gesetz déi Konventioun vun 1999 aprouvéieren. Dës Konventioun begräift eng Annexe générale an e puer Annexes particulières. Déi grouss Prinzipien, déi an der Annexe générale festgeschriwwen sinn, gesi vir: éischstens eng Vereinfachung an eng Harmoniséierung vun den Douanesregimer, dann eng konstant Verbesserung vun de Kontrolltechniken, e maximale Réckgrëff op d'Informatiounstechnologien a schlussendlech e Partenariat zwëschent den Douanen an den Entreprises, deen nach soll weider verbessert ginn.

Vun deenen Annexes particulières sinn der zwou obligatoresch an eng ass fakultativ. De Statsrot hat do a sengem Avis e Problem, well en der Meenung war, et wär net kloer genuch am Text preziséiert, datt déi Appendice, déi nëmme fakultativ wär, och fakultativ an eisem Projet de loi géif bleiwen. Déi zoustänneg Finanzkommissioun huet dës Reserv mat ugehall. Mir hunn den Text dorobberhin amendéiert. Par ailleurs hat de Statsrot kee Problem mat deem Text.

Ech géif lech och bieden, Är Zoustëmmung ze ginn, a meng Fraktioun wäert och heizou hir Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Mosar. Den Här Goerens an den Här Negri. Här Goerens!

**Discussion générale**

■ **M. Charles Goerens (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och meng Fraktioun kann den Accord ginn zu dësem Projet de loi.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Dat ëmsou méi wéi d'Chambres professionnelles alleguer unaniment d'accord sinn domadder an och well de Bedenke vum Statsrot konnt Rechnung gedroe ginn an dorobberhin déi lescht Obstaclen

Sommaire des séances publiques	
Communications	page 258
Ordre du jour	page 258
Intervention de M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative	page 258
Débat de consultation sur la mission de l'école luxembourgeoise et le renforcement de ses moyens d'action (PISA)	pages 258-272
5414 - Proposition de loi portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution	pages 272-273
Demandes en naturalisation	page 273
Communications	page 274
5450 - Proposition de loi de M. Aly Jaerling ayant pour objet de modifier la loi du 27 juillet 1993 concernant l'intégration des étrangers au Grand-Duché ainsi que l'action sociale en faveur des étrangers	page 274
Composition des commissions parlementaires	page 274
Ordre du jour	pages 274-275
Dépôt d'une résolution	page 275
Heure de questions au Gouvernement	
- Question N°23 du 21 mars 2005 de Monsieur Fernand Diederich relative aux infrastructures scolaires, adressée au Ministre des Travaux publics	pages 275-276
- Question N°24 du 22 mars 2005 de Monsieur Claude Meisch relative à l'Université de Luxembourg, adressée à la Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche	page 276
- Question N°25 du 21 mars 2005 de Monsieur Ben Fayot relative aux rotondes de Bonnevoie, adressée à la Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche	page 276
- Question N°26 du 21 mars 2005 de Monsieur Camille Gira relative au plan d'intervention d'urgence en cas de pollution de l'eau potable, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire	pages 276-277
- Question N°27 du 21 mars 2005 de Madame Vera Spautz relative au «gender mainstreaming» dans les ministères de l'État, adressée au Ministre de l'Égalité des chances	page 277
- Question N°28 du 22 mars 2005 de Monsieur Claude Meisch relative à l'introduction d'une interdiction de fumer dans les restaurants, adressée au Ministre de la Santé	pages 277-278
- Question N°29 du 21 mars 2005 de Monsieur Roland Schreiner relative aux négociations salariales dans le secteur public, ainsi que sur la révision des salaires, adressée au Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative	page 278
- Question N°30 du 22 mars 2005 de Monsieur Robert Mehlen relative à l'action de sauvetage de la CEPAL, adressée au Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural	pages 278-279
- Question N°31 du 21 mars 2005 de Monsieur John Castegnaro relative au remboursement des analyses médicales, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale	page 279
- Question N°32 du 22 mars 2005 de Monsieur Jacques-Yves Henckes relative à la politique d'aménagement du Territoire, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire	page 279
5387 - Projet de loi modifiant la loi du 17 avril 1998 portant création d'un établissement public dénommé „centre hospitalier neuropsychiatrique"	pages 279-283
5379 - Projet de loi modifiant la loi du 24 décembre 2002 relative aux produits biocides	pages 283-286
Dépôt de deux projets de loi	page 286
Ordre du jour	page 286
Question avec débat N°1 de M. John Castegnaro relative à l'évolution du chômage	pages 286-288
Heure d'actualité demandée par le groupe ADR concernant l'interprétation et l'application pratique de l'article 17 de la loi du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles	pages 288-291
Question parlementaire N°212 de M. Xavier Bettel relative aux mesures de sécurité au Centre pénitentiaire	page 291
Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur le gender budgeting, c.-à-d. l'établissement du budget de l'État selon la perspective du genre	pages 291-295
5171 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2002	pages 295-297
5166 - Projet de loi modifiant la loi du 25 juillet 2002 portant création et réglementation des professions de géomètre et de géomètre officiel et portant modification de la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales	pages 297-298
5306 - Projet de loi concernant l'assistance administrative entre les États membres de la Communauté européenne en matière de taxes sur les primes d'assurance	page 298
5298 - Projet de loi portant approbation du Protocole d'amendement à la Convention internationale pour la simplification et l'harmonisation des régimes douaniers, fait à Bruxelles, le 26 juin 1999	page 298
Ordre du jour	pages 298-299

aus der Welt geschafe gi sinn. Duerfir fanne mer keen Obstacle méi fir eise Jo zu dësem Projet de loi ze manifestéieren.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Goerens. Här Negri, wann ech gelift.

■ **M. Roger Negri (LSAP).**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säin excellent schrëftlechen a mëndleche Rapport. Wéi elo grad hei erklärt ginn ass, geet et bei dësem Protocole d'amendement dodrëms, der Evolutioun vun den Zollprozeduren a vun de Verzollungsmodalitéiten, déi am Kader vum Welthandel applizéiert ginn, Rechnung ze droen. De Protokoll soll also letztendlech

zur Vereinfachung vun deenen Echängë bäidroen, déi d'Welthandelsorganisatioun OMC viséiert.

Et kann een nach just ganz kuerz drop hiweisen, datt de Projet a sengem Artikel 2 et der Regierung erlaabt, sech net un d'Dispositiounen vun der Appendice 3, annexe spécifique, ze halen, well d'Dispositiounen vun dësem drëtten Deel an der Décisioun vum Conseil net mat abegraff sinn, beziehungsweise net am Journal officiel publizéiert gi sinn.

Domadder ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Negri. D'Regierung.

**(Interruption)**

Da kënne mer doriwwer ewechgoen.

Dann ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5298.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Ali Kaes), M. Lucien Cle-

ment, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Lucien Clement), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen (par Mme Marie-Josée Frank), Lucien Thiel et Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel (par Mme Lydie Err), Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro (par M. Roland Schreiner), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helmingier (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Deem ass esou decidéiert.

**11. Ordre du jour**

Ech wollt lech nach matdeelen den Ordre du jour fir déi nächst Sëtzung. Déi ass den 12. Abrëll an do stinn um Ordre du jour de Projet de loi iwwert d'Fiscalité sur les PAN, nom Modell 2, an de Projet de loi iwwert de Referendum vum 10. Juli, nom Modell 1.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert an d'Sëtzung ass elo opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 17.50 heures)**

**Chambre des Députés**

Compte rendu officiel

**Supplément commun aux quotidiens:**

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

**Contenu rédactionnel:**

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

**Conception, saisie de texte et mise en page:**

Polygraphic SA, Luxembourg

**Concept et coordination générale:**

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

**Chamber TV**

zu Esch

um Kanal S40 (455.25 MHz)

zu Déifferdeng

um Kanal S 29

zu Diddeleng

um Kanal S 32